LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister, vun der Ministesch fir Gesondheet a sozial Secherheet a vum Inneminister op d'parlamentaresch Fro n° 4630 vum 17. August 2026 vun den honorabelen Deputéierten Jeff BOONEN, Charles WEILER, Jean-Paul SCHAAF et Emile EICHER.**

1. **Wéini haten déi Lëtzebuerger Autoritéiten déi éischt Informatiounen doriwwer, datt den Damp vum Bëschbrand Lëtzebuerg kéint erreechen? Wéi hunn dës Informatiounen den Zäitpunkt vun der Kommunikatioun un d'Bevëlkerung beaflosst?**

Déi zoustänneg Ministèren a Verwaltunge stoungen am Kader vun hire Missiounen am lafenden Austausch iwwer d'Entwécklung vum Brand, d'meteorologesch Situatioun an d'Loftqualitéit. D'Informatioune goufen tëscht den zoustännege Servicer ausgetosch an d'Situatioun gouf kontinuéierlech bewäert. Well net ausgeschloss konnt ginn, datt sech d'Situatioun opgrond vun de meteorologesche Konditioune verännere kéint, gouf virsiichtshalber eng Cellule d'évaluation aberuff.

Betreffend de CGDIS ass ze soen, dass nodeems dëse Kenntnis iwwert d'Bränn an den Hautes Fagnes hat, e permanente Monitoring vun der Kommunikatioun zu der Situatioun gemaach huet. Sou konnt séchergestallt ginn, dass déi Messagen déi de CGDIS un d'Populatioun zu Lëtzebuerg erausginn huet, kohärent an ofgestëmmt zu deenen aus de Nopeschlänner waren.

Sou si Samschdes, de 15. August 2026 zum Beispill schonn an Däitschland éischt Informatiounen un d'Populatioun erausgaang, fir dës iwwert eng méiglech "Geruchsbelästigung" a Kenntnis ze setzen. Iwwert den däitsche Warnsystem fënnt een iwweregens all d'Informatiounen op https://warnung.bund.de/startseite.

Nodeems den CSU-112 am Laf vum fréien Owend éischt Appeller vu Leit krut, déi drop opmierksam gemaach hunn, dass et lokal no Feier géing richen, huet de CGDIS, sou wéi et de 24. Juli 2024 vum Regierungsrot an der Gouvernance vun LU-Alert festgehal ginn ass, Samschdes Owend géint 20:15 eng Informatioun (Niveau Gréng) iwwert de Warn- an Informatiounskanal vun der LU-Alert App erausgeschéckt. Dëse Message hat als Zil, d'Leit driwwer ze informéieren, dass et bei eis am Land, wéinst enger Rei Vegetatiounsbränn an Däitschland an an der Belsch, no Damp kéint richen. De Message hat och als Zil, dass d'Noutruffzentral CSU-112 duerch ze vill Appeller net sollt iwwerlaascht sinn, well jo gewosst war wou den Dampgeroch hirkéim.

Well sech d'Situatioun an den Hautes Fagnes bis Sonndes, de 16. August Moies net verbessert hat, an am Laf vum Dag och ëmmer nees Appeller um CSU-112 ukomm sinn, gouf säitens dem CGDIS decidéiert, d'Informatioun vu Samschdes nach eemol erauszeschécken, dës Kéier awer iwwer SMS, fir esou méi Leit um Territoire vum Land ze erreechen. Dëse Message ass géint 15:00 Auer erausgaang. Den Niveau vum Message war nach ëmmer dee vun der Informatioun, sou wéi dat och an den Nopeschlänner de Fall war.

Et sief hei nach preziséiert, dass de CGDIS säit Samschdes beméit war, bei alle concernéierte staatlechen Acteuren Informatiounen ze sammelen.

2. **Op Basis vu wéi enge Krittäre gouf decidéiert, wéini a iwwer wéi eng Kanäl wat fir sanitär Recommandatiounen un d'Bevëlkerung diffuséiert ginn?**

D'Bewäertung vun der Situatioun an d'Decisiounen iwwert d'Informatiouns- a Kommunikatiounsmoossname goufen am Kader vun der Cellule d'évaluation gemeinsam vun de bedeelegte Fachstellen getraff.

Doduerch huet d'Kommunikatioun sech un enger konstanter a fachlecher Analyse vun der Situatioun orientéiert an sech op déi zu deem Zäitpunkt disponibelen Informatioune baséiert.

Mat zouhuelenden Informatiounen zu an Erkenntnisser iwwer d'Entwécklung vun der Lag, gouf d'Kommunikatioun entspriechend ugepasst.

Déi aktuell gülteg Reglementatiounen gesi keng spezifesch Schwellewäerter fir eng Ëmweltinformatioun oder eng Ëmweltwarnung bei Episoden mat héijer Feinstaubbelaaschtung vir. D'Prozedur, déi vun der Ëmweltverwaltung ugewandt gëtt, orientéiert sech un de Praktiken, déi och an de Nopeschlänner ugewant ginn. Eng Ëmweltinformatioun gëtt deemno erausginn, wann eng Miessstatioun den Dag virdrun eng Iwwerschreidung vum deegleche PM10-Schwellewäert vu 50 µg/m³ festgestallt huet an d'Previsiounen drop hiweisen, datt dëse Schwellewäert och um betreffenden Dag op mindestens zwou Miessstatiounen iwwerschratt gëtt.

Eng Ëmweltwarnung gëtt no de selwechte Krittäre veröffentlecht, wann déi virausgesote PM10-Konzentratioune 70 µg/m³ iwwerschreiden.

3. **Ass den Här Minister der Meenung, datt dës Recommandatiounen zu engem Zäitpunkt diffuséiert gi sinn, wou d'Bevëlkerung nach rechtzaiteg déi néideg Precautioune konnt huelen? Wann nee, wéi eng Léiere kënnen aus dëser Situatioun fir änlech Fäll an Zukunft gezu ginn?**

D'Zil vun de bedeelegte Verwaltunge ass et ëmmer, d'Bevëlkerung zäitno, verständlech an op Basis vun de jeeweileg disponibelen a gesécherten Informatiounen ze informéieren. D'Kommunikatioun gouf am Laf vun der Situatioun un nei Erkenntnisser ugepasst. Dobäi gouf besonnesch op Moossname fir d'Expositioun ze reduzéieren an op de Schutz vu vulnerabele Persounen higewisen.

Onofhängeg dovun gëtt et als sënnvoll ugesinn, no sou engem Evenement d'Kommunikatioun an déi agesate Prozeduren ze evaluéieren an ze préiwen, ob Verbesserungen a Bezuch op Schnellegkeet, Verständlechkeet oder Reechwäit méiglech sinn. Et gëtt och als legitim ugesinn ze préiwen, ob déi bestoend Kategorien a Kommunikatiounsweeër fir esou dynamesch grenziwwerschreidend

Evenementer optimal ausgestallt sinn oder ob zousätzlech respektiv méi flexibel Méiglechkeete vun enger fréi zäiteger Informatioun sënnvoll kéinte sinn.

4. **Wéini an iwwer wéi ee Kanal hunn déi belsch Autoritéiten d'Lëtzebuerger Autoritéiten ëm Ënnerstëtzung bei der Bekämpfung vum Bëschbrand gefrot? Kann den Här Minister d'Chronologie vun dëser Demande, hirer Evaluatioun, der Decisioun fir Moyene vum CGDIS zur Verfügung ze stellen an hirem Asaz um Terrain präziséieren? An a wéi engem bilateralen oder europäesche Kader ass dës Ënnerstëtzung erfollegt?**

D'Noutruffzentral CSU-112 vum CGDIS krut Samschdes, de 15. August 2026 géint 12:00 Auer eng direkt Ufro aus der Belsch, dëst am Kader vum bilaterale Ofkommes tëscht Lëtzebuerg an der Belsch.

D'Prozedur gesäit vir, dass dat Land wat Hëllef freet, déi spezifesch taktesch Kapazitéit, respektiv d'Kompetenze vun den Asazkräften definéiert déi gebraucht ginn, sou wéi dat elo bei dësem konkreten Asaz am Héije Venn de Fall war.

De CGDIS evaluéiert dann als éischt seng eege Moyennen, ier e bestëmmt, wéi eng Kapazitéiten op d'Ufro géife passen. Sous réserve, dass de CGDIS seng operationell Kapazitéite fir d'Couverture bei eis am Land weiderhin oprecht erhale kann, dat heescht säi sougenannte POJ (Potentiel Opérationnel Journalier) garantéiere kann, an no Récksprooch mam Inneminister, kënne Kapazitéite fir eng Auslandsmissioun fräigestallt ginn. Fir de Fall wou déi national Couverture net kann assuréiert ginn, kann de CGDIS och keng Asazmëttel an d'Ausland schécken. Bei de Bränn am Héije Venn hunn déi operationell Kapazitéite vum CGDIS et erméiglecht, der Demande aus der Belsch nozekommen.

Den Asaz um Terrain gouf gemeinsam vun de jeeweilege lokalen zoustännegen Asazleedungen aus der Belsch an der Asatzleedung vun den Equippe vum CGDIS koordinéiert.

Lëtzebuerg, de 24. August 2026.

De Premierminister,
(s.) Luc FRIEDEN